N°436
Entrée le 09.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro Nr. 436 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

Wéi den honorabelen Deputéierten a senger parlamentarescher Fro erwäänt, ass am Koalitiounsaccord 2023-2028 festgehale ginn, datt Gespréicher tëscht de Representantë vun de Gemengen an der Regierung solle gefouert ginn, fir d'Verdeelung vun den Attributiounen a Kompetenzen am Beräich vun de Grondschoulen ze diskutéieren. Ee vun de Sujeten, deen an dësem Kontext wäert abordéiert ginn, ass d'Bereetstellung vun informateschem Material fir d'Grondschoulen. Am Kader vun dëse Gespréicher wäert analyséiert ginn, wéi eng vun den am Koalitiounsaccord genannte Kompetenze vum Staat kéinten iwwerholl ginn a wat dëst gegeebenefalls fir all déi bedeelegt Acteure géing bedeiten.

D'Gespréicher tëschent de concernéierten Acteure stinn aktuell nach ganz am Ufank an esou schéngt et ze fréi, fir iwwert eventuell Conclusiounen, déi aus dëse Gespréicher kéinte resultéieren, anzegoen. Soubal tangibel Resultater virleien, wäerten déi concernéiert Chamberskommissiounen informéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 9. Abrëll 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH